


PAARROT DIKRECH:

# Froen un d'Kandidate vun de Gemengewahlen

Am Laf vun dene näxte Méint musst Dir vill Verspriech maachen. Et gi vill Wënsch a Fuerderungen un Iech geriicht. Di allermeescht, fir nët ze soen all, si materieller Natur. Wann e Politiker versprécht "eppes" ze man, wann ee Club oder Veräi seet: "Si hu vill fir eis gemeet", da mengen se praktesch ëmmer materiell Saachen.

Mir als PAARROT sin der Menung, datt e Politiker nët nëmmen materiell Wënsch ze erfëllen huet, datt hien och eng Form vu Gesellschaftserzéier duerstellt an duerstelle muss. Hie muss sech fir eng Rei Wäerter an der Gesellschaft asetzen, och wann déi Wäerter nët extra gefrot sin oder suguer der Mentalitéit vu Leit oder eenzelne Gruppen nët passen.

Mat deene folgende Froen wëlle mer Iech kee Strack dréinen. Mir wëllen eis, Iech, a vläicht och en Deel vun de Leit drop opmierksam maachen, datt se méi vun de Politiker solle verlaangen wéi just Materielles. E Mënsch vun deem Seriöses a Wertvolles verlaangt an erwaart gëtt, gëtt domat geéiert. Dës Froën sin nët komplett, an och nët systematesch an et gëtt bestëmmt och besser Froën. Si si ganz einfach geduecht als eng Stëmm ënnert der Dikrecher Populatioun déi vun Iech erwaart, ënnert anerem, och ERZÉIER ze gin vun enger

*Gesellschaft, déi déck a Gefor as d'Erfëllung vu ganz privaten oder veräinsméissegen materielle Wënsch als eenzeg Daseinsberechtigung vun engem Politiker, vun enger Gemeng a vum Staat ze gesin.*

*Nach zwou Bemiirkungen:*
*1) Sitt esou léiw an entwert perséinlech,*
*2) Fir all Mëssbrauch auszeschléissen gin d'Entwerten eréischt no de Wahlen opgemaach an d'Resultater publizéiert (1)*

*Merci!*
*Den Dikrecher Paarrot (18. Juni 1981)*

1) Vu waatfir Prinzipien loosst Dir Iech an der Politik leden?
2) Giw Dir Iech selwer als Chrëscht bezeechnen? Zielt dräi Punkten op, déi Ärer Menung no als éischt zu engem Chrëscht gehéieren?
3) Si Dir bereet z'acceptéieren, datt d'Kierch hir Menung seet a verschiddene Froën wéi Drogen, Alkoholismus, Fräizäitaktivitéiten, Héichheiser asw.? Si Dir och bereet an esou Froën, wou ët ëm mënschlech Wäerter geet, dem Paarrot séng Ménung ze lauschteren?
4) Wéi kënnt Dir als chrëschtleche Politiker praktesch zur Glawensverdéiwung bäidroen? As de chrëschtleche Glaw a séng Verdéiwung nëmmen eng Saach vun de Paschtéier oder as hien esou wichteg fir eis Gesellschaft, datt Dir Iech als Politiker derfir asetzt. Wa jo wéi?
5) Setzt Dir Iech an fir eng Wäertererzéiung? Fir waatfir Wäerter? Wéi soll déi Wäertererzéiung geschéien?
6) Fir d'Chrëschten as d'Mass helleg. Fann Dir et richteg, datt Leit, déi di Iwwerzegung nët deelen, trotzdem, an zwar bei "feierleche" Geleënheten, als "Formalitéit" drun deelhuelen?
7) Si Dir der Menung datt all Koppel soll an der Kierch bestuet fin, och wann se nët gleeweg as? Wäer Dir eventuell bereet, esou Koppelen e bësse méi feierlech op der Gemeng ze bestueden?
8) Wat schlo Dir vir, fir aus där bestoënder Infrastruktur (Fousgängerzon, al Brauerei, Park asw.) méi ze maachen wéi dat, wat bis elo gebuede gëtt an eigentlech nëmmen d'Konsumhaltung fördert? Wat wëll Dir maachen, fir datt d'Leit zu Dikrech selwer Initiativen huelen?
9) Wat dat neit Altersheim ugeet: selbstverständlech gin d'Critëren fir do ran ze kommen vun enger Commissioun opgestallt. Watfir Critëren giw Dir perséinlech do opstellen, fir datt et gerecht a mënschlech zougeet?
10) Wat maacht Dir konkret an direkt géint den iwwerméissegen Alkohol- an Drogekonsum zu Dikrech? Si Dir d'accord fir och onpopulär Moossnahmen ze huelen, wéi z.B. méi streng Kontrollen an Diskothéiken, Caféën an op der Aarbechtsplaz, och op d'Gefor hin och mol "dichteg" Leit ze trëppelen?
11) Fir Aussenstehend as d'Politik oft eng "knaschteg" Saach. Wat maach Dir fir dem Virworf vu Corruptioun an Händelchermaachen entgéintzewiirken?
12) Politiker beruffen sech oft op hir Partei. Bei wéi engen Décisiounen looss Dir Iech ausschliesslech vun Ärem Gewësse leeden, och souguer géint de Wëlle vun Ärer Partei? Giw Dir de Risiko op Iech huelen an Iech duurch eng éierlech Décisioun onbeléiwt man?
13) Si Dir bereet engem Projet vun der Oppositioun zouzestëmme, well Der en éierlech ganz gutt fannt?
14) Si Dir der Menung, datt et am Wahlkampf ausschliesslech ëm d'Gemengeféierung soll goën, oder mengt Der, perséinlech a familiär Ugeleënheeten sollen do och zur Sprooch kommen?
15) Si Dir bereet Iech an Ärer Partei dofir anzesetzen, datt 10% (odermëi) vun Ärem Wahlkampfbudget fir e gudden Zweck geholl gin (Metty van Tratten, Mutter Teresa, Raoul Follereau)?
16) Not waatfir Critëren giw Dir Subsidien fir Veräiner ausdeelen?
17) Hu Dir wëlles an Zukunft Baugenehmigungen ze gin, fir grouss Wunnkomplexer mat nët genuch Liewensraum (Wunnsiloën), wou mer dach all wëssen, datt grad esou Buildingen mënschefeindlech a besonnesch kannerfeindlech sin?
18) Waatfir Projeën hu Dir, fir och manner bemëttelte Leit ze hëllefen eng Wunneng zu Dikrech ze kréien? Si Dir z.B. bereet fir an der Sportinfrastruktur ze spueren -wou am Fong nët souvill Leit dervu profitéieren- fir méi Leit eng Wunneng ze verschafen?
19) Fann Dir et richteg, datt an enger Gemeng, wou all Woch Zenneren vun Illustréierteliteratur (gudder a manner gudder) verkaaft an ewechgehäit gin, all Kand ouni Ausnahm séng Schoulbicher weider bezuelt kritt?
20) As et richteg, datt di Dikrecher Gemengeverantwortlech sech jhust ëm d'Gemeng Dikrech këmmeren? Si Dir z.B. bereet, wou mer jo schon mat eenzelnen auslännesche Stied jumeléiert sin, och e Jumelage mat enger Stad aus der 3.Welt ze man, an do praktesch Projeën wéi Spidol, Schoul, Landwirtschaft asw. z'ënnerstëtzen?
21) Meng Dir nët och, datt trotz enger Rei vu Verbesserungen Dikrech ëmmer mi geféierlech gëtt fir d'Kanner? Wat haal Dir dervun, fir eenzel Stroossen an Dikrech als Spillstroossen ze déclaréieren? (cf. Brochure vun der Sécurité Routière:"Verkehrsberuhigung im Wohngebiet") Si Dir d'accord fir méi Spillplazen opzeriichten an och vun der Gemeng ënnerhalen ze loossen?
22) Kënnt d'Gemeng nët zäitweileg Jugendlech ouni Aarbecht Geleënheetsaarbechte maache loossen (Spillplazen ënnerhalen, Bëscher botzen, Heiser bauen, asw.)?

(1) Anm. der Red.: Diese Einschränkung der politischen Wirksamkeit des Fragenkataloges erfolgte auf Grund einer Intervention von 3 CSV-Mitgliedern im Diekircher Pfarrat.

